



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 21/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

Laut dem Artikel "Kalter Krieg am Himmel" vun der *Süddeutsche Zeitung*, huet ee russesche Staatssender, genannt RT, eng Lizenz fir hiert däitscht Departement RT DE zu Lëtzebuerg ugefrot. Doduerch kéint den RT dann a ganz Europa senden. De russesche Sender wëll ab Dezember an Däitschland senden.

RT konnt an Däitschland keng Lizenz kréien, well laut däitschem Gesetz, ee Sender net dierf direkt vum enger auslännescher Regierung finanzéiert ginn.

Laut der *Süddeutsche*, hunn sech lëtzebuergesch Beamten, SRE-Mataarbechter, Diplomaten an d'ALIA mat hiren Homologe getraff, fir iwwert de Sender an d'Demande no enger Lizenz zu Lëtzebuerg ze beroden.

Laut dem President Putin, geet et beim RT drëms, "das Monopol der angelsächsischen Medien zu brechen". De Sender fält awer virun allem duerch fragwürdeg Aussoe géigeniwwer Russland-Kritiker op. Am Fall vun der Verhaftung vum Raman Pratasevič am Belarus duerch eng forcéiert Landung vun enger Ryan-Air-Maschinn, huet d'Chefredactrice vun RT DE zum Beispill erkläert, dass dës Aktioun "schön ausgeführt" war.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Ministère bestätegen, dass et zu enger Entrevue mat den uewe genannten Akteure kouw? Falls jo, kann de Ministère erklären zu wat fir Schlussfolgerungen een duerch dës Entrevue kumm ass?
2. Goufen et weider Entrevuë, fir iwwert d'Lizenz-Vergab u staatlech Sendere ze beroden?
3. Kann de Minister bestätegen, dass eng Demande fir eng Lizenz vun RT DE Productions GmbH virläit?



4. Am Fall wou RT DE géing decidéieren, net nëmmen hier Duechtergesellschaft zu Lëtzebuerg ze etabléieren, mee de ganze Sender op Lëtzebuerg wéilt kommen, kéint et dann zu enger Lizenz-Vergab kommen?
Kéint RT dann - am Fall wou hir Journalisten am Presserot géifen ugeholl ginn - vun enger Pressehëllef zu Lëtzebuerg profitéieren?
5. Wéi steet d'Lëtzebuenger Regierung zum Sender RT ?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

